N°4586
Entrée le 06.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Chamberpresident
Lëtzebuerg, den 4. August 2026

Här President,

esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, géing ech Iech bieden dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

D'Vermëttlung vu kuerzfristege Wunnengen iwwer Plattforme wéi „Airbnb" huet an de leschte Joren däitlech zougeholl. Nieft Froen am Beräich vum Logement stellt sech och d'Fro vum Konsumenteschutz, besonnesch wat d'Transparenz vun de Präisser, d'Annulatiounsconditiounen, d'Reklamatiounen an d'Informatioun vun de Clienten ugeet.

An deem Kontext géif ech der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz gär follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Reklamatiounen am Zesummenhang mat Buchungen iwwer „Airbnb" oder änlech Plattforme goufen an de leschte fënnef Joer registréiert?
2. Wat sinn déi heefegst Grënn fir dës Reklamatiounen (Annulatiounen, ierféierend Annoncen, verstoppte Käschten, Qualitéit vum Logement, Remboursementer, ...)?
3. Wéi ginn d'Konsumenten zu Lëtzebuerg iwwer hir Rechter bei Problemer mat Online-Buchungsplattformen informéiert?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt den aktuelle Kader de Konsumente genuch Schutz bitt?
5. Gesäit d'Regierung de Besoin, zesumme mat den zoustännegen europäeschen Autoritéiten, d'Transparenz vu Präisser, obligatoresche Fraisen an Annulatiounsconditiounen op esou Plattformen nach weider ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Ben Streff
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu